

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Januar 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

An engem rezenten Interview ("Tout le monde recherche les mêmes profils", Paperjam, 26.1.2022) erkläert d'Directrice vun der ADEM, datt et vun deene villen Demandeurs d'emploi am Botzsecteur verschiddener gëtt, déi kee Füreerschäin hunn. Op d'Fro, wat d'ADEM fir dës Mënsche maache kann, äntwert d'Directrice: „(...) on va intervenir pour payer le permis de conduire.“

Am selwechten Interview erkläert d'Directrice vun der ADEM, datt eng Rei vun Demandeurs d'emploi weder Lëtzebuergesch nach Franséisch, an och keen Däitsch an Englesch schwätzen, a vereenzelter kënne guer net schreiwen: „Des contacts sont également en cours avec le Service de la formation des adultes pour des cours d'alphabétisation.“

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

- 1) Geet den Här Minister dervun aus, datt et zu den Aufgabe vun der ADEM gehéiert, fir de Füreerschäin vun den Demandeurs d'emploi ze bezuelen?
- 2) Kann den Här Minister preziséieren, wéi vill Demandeurs d'emploi keng vun deene véier genannte Sproche schwätze kënnen? Wéi vill kënnen net mol schreiwen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen, Deputéierten

